ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. Januar 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

Am Januar 2020 kruten eng Rei Clienten vun der Post e Bréif an deem steet, datt hir Telefonsrechnung fir Dezember un eng aner Persoun („Empfänger") geschéckt gouf. Well op deenen Ofrechnunge jo awer all Telefonsnummeren am Detail opgezielt sinn, déi dee betraffenen Abonnent kontaktéiert huet, handelt et sech hei em en Iertum oder eng Pann, déi kloer als Verletzung vun der Privatsphär vun deene betraffene Clienten muss ugesi ginn.

Dowéinst wollt ech dem Här Wirtschaftsminister dës Froe stellen:

1. Weess d'Regierung vun dem Tëschefall an, wa jo, wéi huet si reagéiert?
2. Wéi vill Leit si betraff a wat sinn d'Ursaache vun dem Problem?
3. Wéi eng Moossname huet d'Post getraff, fir esou eng Pann an Zukunft ze verhënneren?
4. Wéi eng Rechter hunn déi betraffe Clienten vun der Post an dëser Affär?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten